N°2768
Entrée le 26.08.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

**Réponse de Monsieur le ministre de l'Économie, des PME, de l'Énergie et du Tourisme, Lex Delles, à la question parlementaire n°2768 du 12 août 2025 de Monsieur le député Marc Goergen au sujet de risques liés aux airbags Takata et aux mesures préventives**

*„1. Huet de Ministère Informatiounen, a wéi vill Autoen d'Airbags vun der Mark Takata agebaut sinn?*
*2. Wäert de Mobilitéitsministère fir Lëtzebuerg eng Warnung erausginn?*
*3. Ass och zu Lëtzebuerg d'Reparatur oder den Ersatz vum Airbag gratis?"*

Op Grond vun der Notifikatioun iwwert den Europäesche Schnellwarnsystem Safety Gate gouf den ILNAS (Institut luxembourgeois de la normalisation, de l'accréditation, de la sécurité et qualité des produits et services), iwwert defekt „Takata" Airbaggen déi an eelere Citroën C3 an DS3 agebaut sinn, vun der franséischer Maartiwwerwaachungautoritéit informéiert. Doropshin huet den ILNAS direkt reagéiert.

An deem Kontext huet och de Wirtschaftsministère de 26 Juni 2025 e gemeinsame Pressecommuniqué mam ILNAS zu dëser Réckruffaktioun erausginn: *« Campagne de rappel NQ3: 351 véhicules Citroën C3 et DS3 rappelés au Luxembourg en raison d'un défaut d'airbag Takata dans le cadre de la mesure "Stop Drive" [1]»*, dëse kann um Site vum Wirtschaftsministère nogelies ginn.

Op de Stand vum 26. Juni 2025 waren zu Lëtzebuerg 351 Citroën C3 an DS3 Gefierer déi mat „Takata" Airbaggen ausgestatt waren, vun dëser NQ3 Réckruffaktioun vum Stellantis Group betraff. De Produzent freet d'Besëtzer vun dëse Gefierer, direkt opzehalen domat ze fueren, bis d'Airbaggen ersat sinn. Dës Besëtzer kruten en offizielle Bréif vum ILNAS, an deem d'Schrëtt fir d'Ersetze vun den Airbaggen op Käschte vu Stellantis, also gratis fir de Besëtzer vum Auto, detailléiert beschriwwe ginn.

Dës Aktioun koum no engem éischte Bréif vum ILNAS vum Februar 2025, deen 1.118 zu Lëtzebuerg ugemellten Autoe betraff huet. Dës éischt Kommunikatioun hat d'Besëtzer schonn iwwert de potenziellen Airbagdefekt informéiert an si opgeruff, sech un eng autoriséiert Garage ze wende fir d'Airbaggen ersetzen ze loossen. Déi 351 Gefierer, déi vun der "Stop Drive"-Moossnam am Juni betraff waren, waren déi, deenen hir Airbaggen bis dohin nach net ersat goufen.

Dem aktuelle Stand vum ILNAS sengen Informatiounen no sinn nach ongeféier 200 Besëtzer der Opfuerderung den Airbag gratis ersetzen ze loossen net nokomm. Den ILNAS suivéiert aktiv de Stand vun der Réckruffaktioun déi defekt „Takata" Airbaggen betrefft a verschéckt weider Bréiwer un déi concernéiert Besëtzer.

Luxembourg, le 26/08/2025

Le Ministre de l'Économie, des PME,
de l'Énergie et du Tourisme

(s.) Lex Delles

[1] https://meco.gouvernement.lu/fr/actualites.gouvernement2024+fr+actualites+toutes_actualites+communiques+2025+06-juin+26-campagne-rappel-nq3.html